A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Zousazmaterial

Kapitel 7

Kapitel 7 Säit 111, Übung 4

Kuckt d'Illustratiounen a liest de Vocabulaire an der Këscht.
Schreift d'Wierder an déi richteg Këscht.



(M)

Ielebou / Ielebéi

(F)

Hëft / Hëften

(N)

A / Aen

~~A / Aen~~
Aarm / Äerm
Aperhoer
Bak / Baken
Bauch
Been / Been
Fanger /Fangeren
Fouss / Féiss
Genéck
Gesiicht
Hals
Hand / Hänn
~~Hëft / Hëften~~
Hënner
Hoer
~~Ielebou / Ielebéi~~
Kapp
Kënn
Knéi / Knéien
Lëps / Lëpsen
Mond
Nues
Ouer / Oueren
Réck
Schëller / Schëlleren
Stier
Wimper / Wimperen
Wued / Wueden
Zant / Zänn
Zéif / Zéiwen
Zong

Kapitel 7

Säit 111, Übung 4

Trainéiert de Vocabulaire vum Kierper zu zwee.

Wéi seet een Ielebou an denger Sprooch?

De Mënsch huet fënnef Sënner. Liest a schreift d'Sätz fäerdeg.

1. Mat de ..... Fangere ..... kann een taaschten.
2. Mat den ..... kann ee gesinn.
3. Mat den ..... kann een héieren.
4. Mat der ..... kann ee richen.
5. Mat der ..... kann ee schmaachen.

Kapitel 7

Säit 115, Übung 6

Kuckt d'Biller. Wat fir ee Problem hunn d'Leit? Schreift d'Sätz fäerdeg.

1. Hien huet ..... .

2. Si huet ..... .

3. Et ass him ..... .

4. Si huet ..... .

5. Säin ..... .

6. Si huet ..... .

7. Et ass hir ..... .

8. Et ass him ..... .

9. Si huet ..... .

10. Hien huet ..... .

Kapitel 7

Säit 118, Übung 4

1. Liest d'Wierder a schreift se an déi richteg Kolonn.

an de Fitness goen d'Natur genéissen danzen e gutt Buch liesen
e gutt Stéck Schockela genuch drénken genuch schlofen joggen
kierperlech Aktivitéit meditéieren Mëllechprodukter iessen Vitaminnen
sech an eng waarm Buedbidde leeën spadséiere goen verstoppt Fetter

Beweegung	Ernärung	Entspanung

2. Kuckt d'Biller.Wat kënne si maachen, fir sech besser ze fillen?
Gitt hinne Rotschléi. Schafft zu zwee oder a klenge Gruppen.

A

B

C

Beispill :
Rotschléi fir d'Persoun A :
- Du solls net esou vill Tëlee kucken.
- Du solls all Dag eraus an d'frësch Loft goen.
- ...

Kapitel 7 Säit 118, Übung 4

Wéi kann een dat nach soen? Gebraucht d'Verben däerfen, kënnen, mussen, sollen, wëllen *(och an der Negatioun).*

1. Et ass verbueden hei ze fëmmen.
   Hei däerf een net fëmmen.
2. Den Dokter seet, et wier besser, mir géife keen Alkohol drénken.

   .....
3. Hätt Dir gär eng Kopie vum Rezept?

   .....
4. Ech brauch dat Medikament net méi ze huelen.

   .....
5. Ass et méiglech, direkt e Rendez-vous beim Dokter ze kréien?

   .....
6. Et ass obligatoresch, d'Visittenzäiten am Spidol ze respektéieren.

   .....
7. Et ass net gutt, esou vill Séissegkeeten z'iessen.

   .....
8. Ass et erlaabt, beim Dokter am Wartezëmmer ze telefonéieren?

   .....
9. Géift Dir gär d'Resultat vun Ären Analyse gesinn?

   .....
10. Fir deen Houschtsirop ze kafen, ass et net obligatoresch, e Rezept ze hunn.

    .....
11. Et ass gutt, all Dag e bësse Beweegung ze hunn.

    .....

Kapitel 7  Säit 118, Übung 4

*Liest d'Sätz a completéiert se mat deem richtege Modalverb (*däerfen, kënnen, mussen, sollen, wëllen*).*

1. De Jean huet vill Aarbecht, hie(n) ..... MUSS ..... e Samschdeg schaffen.
2. ..... Dir mir soen, wou hei d'Gare ass?
3. D'Jennifer fiert am Summer an Italien, hatt ..... Italieenesch léieren.
4. Här Müller, Dir ..... haut nach de Kontrakt ënnerschreiwen, et ass wichteg!
5. Entschëllegt wgl.! Wou ..... ech hei telefonéieren?
6. ..... du nach ee Béier? Nee merci, ech ..... nach Auto fueren.
7. Du ..... net esou vill fëmmen! Dat ass net gutt fir deng Gesondheet.
8. Madamm, gesitt Dir d'Schëld net? Hei ..... Dir net parken.
9. ..... ech mat Maestro bezuelen?
10. Ech hu keng Sue méi, ech ..... op de Bancomat goen.
11. ..... Dir mir hëllefen, wgl.? Ech ..... op Gréiwemaacher fueren, mä ech fannen de Bus net.
12. So Jean, ... du e Samschdeg schaffen oder ..... mir de Weekend op Paräis fueren?
13. Wann s du schlëmm krank bass, da(nn) ..... du bei den Dokter goen.
14. Wat ..... Dir drénken?
15. Den Alex léiert zënter dräi Joer Spuenesch. Hie(n) ..... scho gutt schwätzen.
16. Mir ..... ze Fouss goen, et ass net wäit.

Kapitel 7  Säit 118, Übung 4

Liest den Dialog. Wat fir ee Modalverb ass richteg? Ënnersträicht.

Zwou eeler Damme schwätze mateneen:

- Du *muss / wëlls* dir onbedéngt e Computer kafen. Dat ass fantastesch! Ech *kann / muss* a *wëll / däerf* net méi ouni liewen!
- *Ee Moment, ech héieren net gutt. Ech* muss / däerf *mäin Hörapparat astellen.*
- Du *däerfs / solls* däin Hörapparat ëmmer unhunn! Also, ech hu gesot: E Computer ass immens.
- *A jo, du* wëlls / muss *mir dovun erzielen. Dat intresséiert mech. Mir* wëllen / kënnen *eis och e Computer kafen. Mee mäi Mann seet: Du* muss / däerfs *fir d'éischt an e Computercours goen. Ouni geet et net.*
- Et ass awer net schwéier. Wann ee *wëll / soll*, da *muss / kann* een och! Fir d'éischt *muss / däerf* een op e grousse Knäppchen drécken, da kënnt Musek an e schéint Bild.
- *An dann, wat geschitt dann?*
- Da *muss / däerf* een d'Maus an d'Hand huelen, fir e Programm unzeklicken.
- *Dat ass jo schrecklech! Ech fäerte Mais!*
- Dat ass jo keng richteg Maus. Ech mengen, du *muss / kanns* wierklech an e Cours goen.

Kapitel 7 Säit 118, Übung 4

Liest den Text. Wat fir Qualitéite brauch een an deenen anere Beruffer? Maacht Beispiller wéi am Text. Schwätzt an der Grupp.

Wat *däerf / kann / muss / soll* e gudde Proff (net) maachen?

E gudde Proff soll gutt erkläre kënnen.

Hie soll eng frëndlech Relatioun mat senge Schüler hunn.

Hie muss e bëssen exigent sinn, mä hien däerf net ze streng sinn.

Hie soll seng Schüler motivéieren.

Hie kann Hausaufgabe ginn, mä net ze vill.

Hien däerf kee Schüler favoriséieren.

Seng Tester sollen net ze schwéier sinn.

Wat *däerf / kann / muss / soll*

- e gudden Dokter / eng gutt Doktesch
- e gudde Coiffer / eng gutt Coiffeuse
- e gudde Botzmann / eng gutt Botzfra
- e gudden Architekt / eng gutt Architektin
- e gudde Psycholog / eng gutt Psychologin
- e gudde Journalist / eng gutt Journalistin
- e gudde Verkeefer / eng gutt Verkeeferin

(net) maachen?

Kapitel 7  Säit 121, Übung 14

Liest d'Messagen. Wat fir eng Zort Message ass et? Schreift d'Zuel vum Message bei dat richtegt Wuert.

1.

Et deet mer leed, ech hu Verspéidung, ech stinn am Stau.

2.

Alles Guddes fir däi Gebuertsdag, feier gutt!

3.

Salut, ech feiere ganz spontan den Owend mäi Gebuertsdag. Kënns de laanscht fir e Patt?

4.

Mir waren net zefridden, de Service war net frëndlech an d'Iesse vill ze deier fir déi mëttelméisseg Qualitéit.

5.

Heimat erënnere mer lech un Äre Rendez-vous, den 30. Mee um 12 Auer bei Ärem Coiffer „Hairlech".

6.

Geet et dir d'nächst Woch en Dënschdeg? Wa jo, reservéieren ech am Restaurant.

7.

Madamm Weber, Är Lënse sinn ukomm. Dir kënnt se an Ärem Optika Buttek zu Miersch ofhuelen.

8.

Et deet eis immens leed, mä mir mussen eise Concert muer den Owend zu Beefort leider ofsoen. Eise Bassist ass krank.

- ☐ Invitatioun
- ☐ Excuse
- ☐ Annulatioun
- ☐ Gléckwënsch
- ☐ Rendez-vous
- ☐ Confirmatioun (vun engem Rendez-vous)
- ☐ Bescheed (fir eng Commande)
- ☐ Reklamatioun

Wielt dräi Zorte vu Messagen. Schreift Messagë wéi am Modell.

1. .....

2. .....

3. .....

Kapitel 7 Säit 121, Übung 14

Liest d'E-Mail.

Gudde Moien,

et deet mir leed, mä ech kann haut net schaffe kommen. Ech si krank an ech war de Moie scho beim Dokter. Hien huet mech fir de Rescht vun der Woch krankgeschriwwen. Ech schécken Iech de Krankeschäin an der Annex mat.

Mat beschte Gréiss,
Jean-Marc Kelsen

Dir kënnt haut net an Äre Lëtzebuergeschcours goen. Schreift Ärem Proff e Message, fir Iech ofzemellen.

A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Léisungen

Zousazmaterial

Kapitel 7

Kapitel 7

Säit 111, Übung 4

Kuckt d'Illustratiounen a liest de Vocabulaire an der Këscht.
Schreift d'Wierder an déi richteg Këscht.



(M)

Kapp
Aarm / Äerm
Ielebou / Ielebéi
Fanger /Fangeren
Réck
Bauch
Hënner
Knéi / Knéien
Fouss / Féiss
Zant / Zänn
Bak / Baken
Kënn
Hals
Mond

(F)

Schëller / Schëlleren
Hand / Hänn
Hëft / Hëften
Wued /Wueden
Zéif / Zéiwen
Wimper / Wimperen
Stier
Lëps / Lëpsen
Zong
Nues

(N)

Genéck
Been / Been
Gesiicht
A / Aen
Aperhoer / Aperhoer
Hoer / Hoer
Ouer / Oueren

~~A / Aen~~
Aarm / Äerm
Aperhoer
Bak / Baken
Bauch
Been / Been
Fanger /Fangeren
Fouss / Féiss
Genéck
Gesiicht
Hals
Hand / Hänn
~~Hëft / Hëften~~
Hënner
Hoer
~~Ielebou / Ielebéi~~
Kapp
Kënn
Knéi / Knéien
Lëps / Lëpsen
Mond
Nues
Ouer / Oueren
Réck
Schëller / Schëlleren
Stier
Wimper / Wimperen
Wued / Wueden
Zant / Zänn
Zéif / Zéiwen
Zong

Kapitel 7  Säit 111, Übung 4

De Mënsch huet fënnef Sënner. Liest a schreift d'Sätz fäerdeg.

1. Mat de ***Fangere*** kann een taaschten.
2. Mat den ***Ae*** kann ee gesinn.
3. Mat den ***Ouere*** kann een héieren.
4. Mat der ***Nues*** kann ee richen.
5. Mat der ***Zong*** kann ee schmaachen.

Kapitel 7

Säit 115, Übung 6

Kuckt d'Biller. Wat fir ee Problem hunn d'Leit? Schreift d'Sätz fäerdeg.

1. Hien huet *de Kapp wéi*.

2. Si huet *de Réck wéi*.

3. Et ass him *schlecht*.

4. Si huet *den Aarm gebrach*.

5. Säin *A ass entzünt*.

6. Si huet *e Sonnebrand*.

7. Et ass hir *kal*.

8. Et ass him *dronken*.

9. Si huet *en Ausschlag*.

10. Hien huet *d'Féiss verbrannt*.

Kapitel 7 Säit 118, Übung 4

1. Liest d'Wierder a schreift se an déi richteg Kolonn.

an de Fitness goen d'Natur genéissen danzen e gutt Buch liesen
e gutt Stéck Schockela genuch drénken genuch schlofen joggen
kierperlech Aktivitéit meditéieren Mëllechprodukter iessen Vitaminnen
sech an eng waarm Buedbidde leeën spadséiere goen verstoppt Fetter

Beweegung	Ernärung	Entspanung
danzen	Mëllechprodukter iessen	genuch schlofen
joggen	genuch drénken	sech an eng waarm Buedbidde leeën
spadséiere goen	Vitaminnen	meditéieren
an de Fitness goen	verstoppt Fetter	d'Natur genéissen
kierperlech Aktivitéit	e gutt Stéck Schockela	e gutt Buch liesen

Kapitel 7 Säit 118, Übung 4

Wéi kann een dat nach soen? Gebraucht d'Verben däerfen, kënnen, mussen, sollen, wëllen *(och an der Negatioun).*

1. Et ass verbueden hei ze fëmmen.
   Hei **däerf** een net fëmmen.

2. Den Dokter seet, et wier besser, mir géife keen Alkohol drénken.
   Den Dokter seet, mir **solle** keen Alkohol drénken.

3. Hätt Dir gär eng Kopie vum Rezept?
   Wëllt Dir eng Kopie vum Rezept?

4. Ech brauch dat Medikament net méi ze huelen.
   Ech **muss** dat Medikament net méi huelen.

5. Ass et méiglech, direkt e Rendez-vous beim Dokter ze kréien?
   Kann ech direkt e Rendez-vous beim Dokter kréien?

6. Et ass obligatoresch, d'Visittenzäiten am Spidol ze respektéieren.
   Dir **musst** d'Visittenzäiten am Spidol respektéieren.

7. Et ass net gutt, esou vill Séissegkeeten z'iessen.
   Dir **sollt** net esou vill Séisssegkeeten iessen.

8. Ass et erlaabt, beim Dokter am Wartezëmmer ze telefonéieren?
   Däerf ee beim Dokter am Wartezëmmer telefonéieren?

9. Géift Dir gär d'Resultat vun Ären Analyse gesinn?
   Wëllt Dir d'Resultat vun Ären Analyse gesinn?

10. Fir deen Houschtsirop ze kafen, ass et net obligatoresch, e Rezept ze hunn.
    Fir deen Houschtsirop ze kafen, **musst** Dir kee Rezept hunn.

11. Et ass gutt, all Dag e bësse Beweegung ze hunn.
    Dir **sollt** all Dag e bësse Beweegung hunn.

Kapitel 7 Säit 118, Übung 4

*Liest d'Sätz a komplettéiert se mat deem richtege Modalverb (*däerfen, kënnen, mussen, sollen, wëllen*).*

1. De Jean huet vill Aarbecht, hie ***muss*** e Samschdeg schaffen.
2. ***Kënnt*** Dir mir soen, wou hei d'Gare ass?
3. D'Jennifer fiert am Summer an Italien, hatt ***wëllt*** Italieenesch léieren.
4. Här Müller, Dir ***musst*** haut nach de Kontrakt ënnerschreiwen, 't ass wichteg!
5. Entschëllegt wgl.! Wou ***kann*** ech hei telefonéieren?
6. ***Wëlls*** du nach ee Béier? Nee merci, ech ***muss*** nach Auto fueren.
7. Du ***solls*** net esou vill fëmmen! Dat ass net gutt fir deng Gesondheet.
8. Madamm, gesitt Dir d'Schëld net? Hei ***däerft*** Dir net parken.
9. ***Kann*** ech mat Maestro bezuelen?
10. Ech hu keng Sue méi, ech ***muss*** op de Bancomat goen.
11. ***Kënnt*** Dir mir hëllefen, wgl.? Ech ***wëll*** op Gréiwemaacher fueren, mä ech fannen de Bus net.
12. So Jean, ***muss*** du e Samschdeg schaffen oder ***kënne*** mir de Weekend op Paräis fueren?
13. Wann s du schlëmm krank bass, da ***muss*** du bei den Dokter goen.
14. Wat ***wëllt*** Dir drénken?
15. Den Alex léiert zënter dräi Joer Spuenesch. Hie ***ka*** scho gutt schwätzen.
16. Mir ***kënnen*** ze Fouss goen, et ass net wäit.

Kapitel 7  Säit 118, Übung 4

Liest den Dialog. Wat fir ee Modalverb ass richteg? Ënnersträicht.

Zwou eeler Damme schwätze mateneen:

- Du *muss* / ~~*wëlls*~~ dir onbedéngt e Computer kafen. Dat ass fantastesch! Ech *kann* / ~~*muss*~~ a *wëll* / ~~*däerf*~~ net méi ouni liewen!
- *Ee Moment, ech héieren net gutt. Ech* muss / ~~däerf~~ *mäin Hörapparat astellen.*
- Du ~~*däerfs*~~ / *solls* däin Hörapparat ëmmer unhunn! Also, ech hu gesot: E Computer ass immens.
- *A jo, du* ~~wëlls~~ / muss *mir dovun erzielen. Dat interesséiert mech. Mir* wëllen / ~~kënnen~~ *eis och e Computer kafen. Mee mäi Mann seet: Du* muss / ~~däerfs~~ *fir d'éischt an e Computercours goen. Ouni geet et net.*
- Et ass awer net schwéier. Wann ee *wëll* / ~~*soll*~~, da ~~*muss*~~ / *kann* een och! Fir d'éischt *muss* / ~~*däerf*~~ een op e grousse Knäppchen drécken, da kënnt Musek an e schéint Bild.
- *An dann, wat geschitt dann?*
- Da *muss* / ~~*däerf*~~ een d'Maus an d'Hand huelen, fir e Programm unzeklicken.
- *Dat ass jo schrecklech! Ech fäerte Mais!*
- Dat ass jo keng richteg Maus. Ech mengen, du *muss* / ~~*kanns*~~ wierklech an e Cours goen.

Kapitel 7 Säit 121, Übung 14

Liest d'Messagen. Wat fir eng Zort Message ass et? Schreift d'Zuel vum Message bei dat richtegt Wuert.

1.
Et deet mer leed, ech hu Verspéidung, ech stinn am Stau.

2.
Alles Guddes fir däi Gebuertsdag, feier gutt!

3.
Salut, ech feiere ganz spontan den Owend mäi Gebuertsdag. Kënns de laanscht fir e Patt?

4.
Mir waren net zefridden, de Service war net frëndlech an d'Iesse vill ze deier fir déi mëttelméisseg Qualitéit.

5.
Heimat erënnere mer lech un Äre Rendez-vous, den 30. Mee um 12 Auer bei Ärem Coiffer „Hairlech".

6.
Geet et dir d'nächst Woch en Dënschdeg? Wa jo, reservéieren ech am Restaurant.

7.
Madamm Weber, Är Lënse sinn ukomm. Dir kënnt se an Ärem Optika Buttek zu Miersch ofhuelen.

8.

Et deet eis immens leed, mä mir mussen eise Concert muer den Owend zu Beefort leider ofsoen. Eise Bassist ass krank.

3 Invitatioun
1 Excuse
8 Annulatioun
2 Gléckwënsch
6 Rendez-vous
5 Confirmatioun (vun engem Rendez-vous)
7 Bescheed (fir eng Commande)
4 Reklamatioun